N°7265
Entrée le 30.11.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 01.12.2022

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30/11/2022

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bannenzeg Sécherheet weiderzeleeden.**

Eis gouf zougedroen, dass et ëmmer erëm zu Signalementer wéinst Mëssstänn kënnt.
Dobäi soll et ëm de Verdacht vu sexueller Gewalt oder och physescher Gewalt géint Kanner goen. Zu dëse Signalementer soll et souwuel a staatlech wéi och private Foyere kommen, grad ewéi och a Crèchen, Maisons Relaisen, Schoulen an aner Institutioune fir Kanner.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Opgelëscht pro Joer a mat der Ënnerscheedung tëscht privaten a staatlech Strukturen, wéi vill Signalementer iwwer Mëssstänn a Foyeren, wéi zum Beispill iwwert de Verdacht vu physescher Gewalt oder sexuellem Mëssbrauch, goufen et zënter 2010?

2. Wéi vill Signalementer, opgelëscht pro Joer a mat der Ënnerscheedung tëscht de verschiddenen Zorte vu Strukturen, goufen et iwwer Mëssstänn vu sexueller oder physescher Gewalt a Crèchen, Maisons Relaisen, Schoulen an aneren Institutioune fir Kanner zënter 2010?

3. Wéi vill Enquête, opgelëscht pro Joer, goufen Opgrond vun dëse Signalementer ageleet?

4. Opgelëscht pro Joer, wéi vill vun dësen Enquête goufen ouni Suitte klasséiert?

5. Opgelëscht pro Joer, wéi vill vun dësen Enquête hunn zu Kontrollen a Foyere gefouert?

6. A wéi vill vun dëse Fäll lafen aktuell nach Enquêten?

7. A wéi ville Fäll ware Kanner betraff, déi a staatlechen Institutioune placéiert an ënnert enger Tutelle waren?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten